CSV KIELEN

# OP DE PUNKT.

Abrëll 2026



© Jerry André

ENGLISH VERSION
VERSION FRANÇAISE
DEUTSCHE FASSUNG

## HALBZEIT VUN DËSER LEGISLATUR

Den Abrëll 2026 markéiert d'Hallschent vun dëser Legislatur.

2023 war den Optrag vum Wieler ganz kloer, d'CSV Kielen soll weider Zigele vun der Gemengenaarbecht an de Grapp huelen an dat mat sengem Koalitiounspartner der LSAP.

Déi éischt Etapp ass hannert eis - eng Etapp mat villen Hürden, déi heiansdo méi héich, heiansdo méi niddreg waren. Mee de wichtegste Punkt ass: Mir sinn iwwert dës Hürde komm, resp. mir sinn amgaangen drun ze schaffen zesumme mat eisem Koalitiounspartner, mam Personal vun der Gemeng, mat vill Engagement a mat engem klore Bléck op d'Prioritéiten.

Déi zweet Hallschent wäert net manner erausfuerderend ginn - éischter am Géigendeel. Mee grad dofir ass et wichteg, sech elo ee Moment Zäit ze huelen, fir en Halbzeitbilan ze maachen.

An dëse Bilan kann sech weise loossen!

## BEVËLKERUNGSENTWÉCKLUNG ENG GEMENG AM STAARKE WUESSTEM

D'Gemeng Kielen huet an de leschten dräi Joer eng enorm demographesch Entwécklung erlieft.

Gemeng Kielen huet den 01.01.2026 7.138 Awunner gezielt, mat engem weidere prognostizéiertem Wuesstem op 7.453 Awunner am Laf vum Joer 2026.

Déi gréisst Uertschafte bleiwen: Kielen (2.503), Ollem (2.210), Nouspelt (1.347), Keespelt (806).

Dat entsprécht engem Joreswuesstem vu ronn 5%, also duebel esou vill wéi d'national Moyenne vu ca. 2,5%.

Dëst bedeit:
- méi Drock op Infrastrukturen,
- méi Bedierfnesser am Logement,
- méi Verantwortung fir eng equilibréiert an nohalteg Entwécklung



## LOGEMENT & URBANISMUS - STRUKTURE FIR ENG WUESSEND GEMENG

An de leschten dräi Joer sinn zentral urbanistesch Projete virugedriwwen, déi d'Zukunft vun der Gemeng prägen:

**Grouss Projeten**

- Lotissement Keespelt- ( a Straachen)- nei Wunnflächen a modern Quartiersgestaltung
- Lotissement Kielen ( a Bäichel )- eng modern nei Wunnstruktur fir ënner Anerem vill jonk Famillje just vis-a-vis vum Sport, Musek a Schoulcampus
- Lotissement Nouspelt (Kräitzhiel-Wunnkomplexer an der grénger Wiss, net wäit vum Noerhuelungsgebitt Leck-Dondelbierg-Weller)
- Quartier Elmen - e Modellquartier mat Schoul, Maison pour Tous, an aktuell an der Planung eng adequat sportlech Infrastruktur
- Pacte Logement 2.0 - eng aktiv Roll an der nationaler Wunnengspolitik, mat Fokus op bezuelbare Wunnraum an nohalteg Entwécklung.

**D'Orientatioun ass kloer: eng Gemeng déi wiisst, muss intelligent wuessen.**

## ACQUISITIOUNEN - INVESTITIOUNEN AN D'ZUKUNFT

Di lescht dräi Joer stoungen am Zeeche vu groussen Acquisitiounen an Investitiounen, déi substantiell zum engen de Patrimoine erhale sollen an och d'Liewensqualitéit, respektiv d'Sécherheet vun der Infrastruktur an der Gemeng den haitegen Ufuerderungen upasse sollen.

- Al Pompjeesgebäier Kielen & Nouspelt: ITM gerecht renovéiert fir neit Liewen dran ze kréien (z.b eng Kleederstuff vum roude Kräiz op Kielen - amgaang resp. fäerdegen 2026)
- Café Lippert - Kielen (Revitaliséierung vum Duerfkär-







Ufank Aarbechten Mee 2026)
- Haff Elcheroth - Kielen (eng zäitgeméiss Annexe vum Gemengenhaus mat Versammlungsraim - et gëtt een oppent Haus fir de Bierger- Ufank Aarbechte Summer 2026)
- Zentralschoul Kielen (komplett Sanéierung vun den ale Gebäilechkeeten mam Site- Ufank Aarbechte Fréijoer 2026)
- Piscine Kielen ( eng interkommunal Syndikatsschwämm mat Koplescht fir d'Schoulschwammen a Gruppenaktivitéiten - Ufank Aarbechten 2028)
- Complexe sportif Elmen ( eng Sportshal mat groussem Terrain an integréierter Däschtennishal Ufank Aarbechten 2029)
- Maison Wies- Kielen ( Amenagement vum ganze Block mat verbessertem Accès op de Schoulsite. Ufank Aarbechten em 2030).

**Dës Chantiere sinn net nëmme Investitiounen an de Patrimoine vun der Gemeng, mee och an d'Zesummeliewen an d'Attraktivitéit vun der Gemeng.**

## QUALITÉ DE VIE & BIEN-ÊTRE ENG LIEWEG A SOZIAL STAARK GEMENG

D'Gemeng huet hir Jugend a Inklusionsaktivitéiten aktiv ënnerstëtzt an ausgebaut.

Initiative wéi:
- Juki,
- Maison pour tous
- Wantergaart Elmen,
- Restaurant The Score Kehlen (Mathëllef asbl), droen dozou bäi, datt Kielen eng Gemeng bleift, wou Liewensqualitéit, geliefte Inklusioun a Kultur groussgeschriwwe ginn.

## MOBILITÉIT - SÉCHERHEET A MODERNISÉIERUNG

An de leschten dräi Joer ass d'Mobilitéit mat enger Rei gezielte Verbesserungen däitlech virugedriwwe ginn.
- Erweiderung vun der Zone 30 am Duerfkär vu Kielen.
- Verstäerkte Mesurë fir punktuell Verkéiersberouegung.
(Zebrastraifen, rout Luuchten - deemnächst zu Ollem bei der

Cité an zu Kielen am Ausgang fir op Keespelt).
- Déi douce Mobilitéit ausgebaut (Verbindungswee vu Keespelt op Meespelt, de Wee laanscht Kopleschterstroos zu Kielen a Richtung Fitnessparcours, Dondel-Nouspelt an Dondel- Meespelt just nach fir Landwirtschaft)
- Ausschaffe vun engem detailléierten Avis fir de Ministère zu deenen 2 méiglechen Tracéë vum Contournement Kielen. (de Ball läit elo bei de Ministèren).

**D'Zilasskloer: Sécherheet fir eis Kanner, de Foussgänger a de Cyclisten, an endlech eng Entlaaschtung vun de Duerfkären.**

## DÉVELOPPEMENT DURABLE - ENG GEMENG MAT VERANTWORTUNG

D'Gemeng Kielen huet sech däitlech als Commune durable positionéiert. Zentral Projeten:
- Vergréissert Kläranlag zu Kielen
- Autorisatioun vun engem Wandrad tëschent dem Quatre-Vents a Keespelt
- Agri-PV
- Aktiv Mathëllef fir d'Biogasanlag erëm un d'Dréinen zu kréien (dëst ass ee wichtege Punkt fir eis Baueren a fir hier Liewensmëttelproduktioun am Ganzen)
- Stäerkung vun der SICA mat neie Gebailechkeeten.


© Jerry André

**Dëst weist: d'Gemeng investéiert an Energieautonomie, Ressourcëschounung a Klimaschutz.**

## KOMMUNIKATIOUN - NO BEI DE BIERGER

D'Kommunikatioun gouf moderniséiert a vereinfacht:
- Buet & Agenda
- Mediathéik
- Digitaliséierung vum Zougang zu Servicer
- Fotoarchiv ,"Fréier & Haut"
- Kehlen App mat Push-Noriichten, direktem Kontakt, Sallreservatiounen a SICA-Kalenner.





**D‘Gemeng ass haut méi transparent, méi digital a méi biergerno.**

**Di héich Verantwortung bedeit allerdéngs och héich Investitiounen.**

Doduerch waren déi 3 dräi Joer dann och markéiert duerch massiv Investitiounen, wat sech an der Pro Kappverschëldung weist.

Des huet sech zënter 2023 bal verduebelt, mee dat ass di logesch Konsequenz vun der viller noutwendeger Aarbecht an d’Zukunft vun eiser Gemeng. Mir ginn eis drun déi Gelder, déi eis zu Verfügung stinn, spréch Steiersuen, gescheit an nohalteg zum Wuel vun der Gesellschaft unzeleeën.

D‘Käschtenentwécklung bleift awer eng Erausfuerderung, mee d‘Gemeng ass trotz héije Investitiounen finanziell stabil, an dat ass dat wat zielt!

## FAZIT: ENG STAARK ÉISCHT HALLSCHENT

Déi lescht dräi Joer hunn eng kloer Linn gewisen:
- Wuesstem aktiv gestalten
- Intrastrukturen ausbauen
- Liewensqualitéit stäerken
- Nohaltegkeet an de Mëttelpunkt stellen
- Modern a biergerno kommunizéieren.

Mat dem gudde Schwong aus der éischter Hallschent geet de Buergermeeschter zesumme mat de Kolleegen aus dem Schäfferot a Gemengerot an déi Zweet!



**FÉLIX EISCHEN**
Buergermeeschter

D’Aufgab ass kloer: Liewensqualitéit verbessere fir eis Gemeng fir déi nächst Generatiounen nohalteg opzebauen.

Dat ass eng verantwortungsvoll Aufgab, déi vill vun eis Alleguer verlaangt, mee déi och gekoppelt ass mat meeschtens! Freed un der alldeeglecher Aarbecht.

Déi ganz CSV Kielen steet mat vill Energie hannert dem Buergermeeschter a setzt sech zesummen dofir an, hien esou konstruktiv wéi méiglech z’ënnerstëtzen.



# INTEJUEGD
# 09.05.2026

## START VUM RALLYE VUN 10 BIS 11.30 AUER
## AM ZELT BEIM FUSSBALLSTERRAIN

E Spaass fir Grouss a Kleng
Dono Apero an Iessen op der Plaz
E Parcours vu 4 km mat Statiounen a Spiller, alleguerte ronderëm d‘Inte.